N°364
Entrée le 13.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 364 vum 20. Februar 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement a vum Här Deputéierten Ben Polidori.**

Weder d'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwer d'"identification des personnes physiques", deen den RNPP agefouert huet, nach de Règlement grand-ducal vum 20. November 2013 iwwer d'modalités d'application vum Gesetz vum 19. Juni 2013, gesinn eng Obligatioun vir, fir bei enger Consultatioun de Grond dofir am System unzeginn.

Den Artikel 38 vum Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwer d'"identification des personnes physiques" erméiglecht awer dem Bierger doriwwer Kenntnis ze hunn, wéi eng Verwaltung wärend de leschte 6 Méint seng Donnéeën am RNPP consultéiert huet. Op Nofro vum Bierger hin, muss all Verwaltung kënnen e Grond fir déi Consultatioun uginn.

Lëtzebuerg, den 13/03/2024.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin